**MINETTSFRËNN**

# Atelieren vun de Veräiner aus der Gemeng Suessem

## *ORGANISEIERT VUN DE 4 ENTENTEN AUS DER GEMENG*

Belvaux Entente des Sociétés a.s.b.l.

ENTENTE VUN DE SUESSEMER VERÄINER ZANTER 1969

Entente des Sociétés Ehlerange E.S.E


Entente Bieles


Entente Zolwer


Entente Eilereng


Entente Suessem



# GASTON ANEN

2. Abrëll, Dag vun de Minettsfrënn,

Et gi vill Veräiner an Associatiounen an eiser Gemeng souwuel am Beräich vum Sport ewéi vun der Kultur. D'Ententë wëllen des Beräicher ënnerstëtzen andeems si de Schüler aus dem Fondamental déi Vilfalt weisen an doduerch hoffen dat nach méi Kanner sech bei eise Veräiner engagéieren. Dës Broschür ass och fir d'Eltere geduecht fir dat och si sech e Bild dovu maache kennen an déi néideg Informatiounen iwwert déi verschidden Associatioune fannen.

Merci un d'ganzt Léierpersonal - 42 Klasse maachen op dësem Dag mat -, un d'Gemeng – déi fird'Iessen an den Transport opkënnt – an e besonnesche Merci un all déi Benevoller aus eise Veräiner, ouni déi dës Organisatioun net méiglech wier an déi sech iwwert d'ganzt Joer fir eng lieweg Gemengasetzen.

Fir de Comité vun de Minettsfrënn

Gaston Anen

2 avril, journée des Minettfrënn

Dans notre commune, beaucoup de clubs et associations œuvrent tant dans le secteur sportif que celui de la culture.

Les ententes des sociétés de nos 4 localités soutiennent ces associations et veulent donner aux élèves du fondamental l'opportunité de voir toute cette diversité et de les inciter à s'engager dans l'un ou l'autre de ces clubs.

Cette brochure s'adresse également aux parents afin de leur communiquer des informations sur ces associations.

Notre Merci s'adresse au personnel enseignant – pas moins de 42 classes participent à cette journée -, à la commune – qui prend en charge le repas et les transports – et surtout aux nombreux bénévoles qui s'engagent au quotidien pour faire vivre nos associations et faire de notre commune une place où il fait bon vivre.

Pour le comité des Minettfrënn

Gaston Anen




# PHILIPPE KLOOS

Le sport et la culture sont des facteurs importants pour le bien-être et la cohésion sociale de la population d'une commune. Par des activités communes et des occasions de s'exprimer, les deux peuvent aider à créer des liens significatifs entre les membres de la communauté et à stimuler le sentiment d'appartenance à une commune.

Ainsi, le partenariat entre les ententes de la commune de Sanem et les écoles fondamentales sur le territoire de la commune réunit donc des acteurs importants de la vie des jeunes. En tant que directeur de l'enseignement fondamental de la région Sanem, il est un grand plaisir de pouvoir soutenir cette collaboration qui consiste à mettre en œuvre des activités ponctuelles qui favoriseront la santé physique et mentale, l'éducation, le développement personnel et social des jeunes ainsi que l'identification avec leur lieu de résidence.

Philippe KLOOS
Directeur de l'enseignement fondamental
Région Sanem








Léif Minettsfrënn,

Léif Veräinsvertrieder·innen,

Léif Kanner,

Léif alleguerten,

Mat vill Virfreed kucke mir op den 2. Abrëll 2025. D'Minettsfrënn invitéieren op en Neits op de Scheierhaffop Zolwer, fir den insgesamt 620 Schoulkanner aus den Zyklen 1 bis 4 aus eise véier Uertschaften déi sportlecha kulturell Offer aus der Gemeng méi no ze bréngen.

Et huet sech schonn dacks gewisen, dass et eng ideal Geleeënheet ass, Loscht un enger neier Aktivitéit zekréien, vun der Beweegung bis bei d'Musek. En anerewichtegen Aspekt hänkt awer och domat zesummen: d'Veräinsliewen. Do, wou Mënschen zesummekommenan op e gemeinsaamt Zil hi schaffen, gëtt och de sozialen Zesummenhalt an eiser Gesellschaft gestäerkt.

Esou begréissenswäert Initiative wéi dësen Dag bei de Minettsfrënn hunn dofir eis voll Ënnerstëtzung. Fir déi 31 Veräiner, déi dëst Joer matmaachen, sinn esouPlattformen, fir sech ze présentéieren, immens wichteg, och fir den Nowues ze garantéieren. Déi Jonk vun haut sinn déi aktiv a fräiwëlleg Veräinsmembere vu muer.

De Schäffen- a Gemengerot, esouwéi d'Kultur- an d'Sportskommissioun, soen dem Organisatiounscomité, eise véier Ententen an alle Benevollen, déi dësen Dag méiglech maachen, ee grousse Merci a wënschejidderengem vill Spaass an eng gelongen Editioun 2025vun de Minettsfrënn.



SIMONE ASSELBORN-BINTZ
KULTURSCHÄFFIN



NATHALIE MORGENTHALER
SPORTSCHÄFFIN



# GUIDEN A SCOUTEN G.-D. JEAN

Mer sinn en Guiden a Scoutsgrupp an der schéiner Gemeng Suessem. Eisen Grupp gëtt et offiziell säit dem Joer 2022 an et ass en Fusiounsgrupp aus den zwee Bieles Gruppen Don-Bosco Metzerlach an Saint Paul Bieles.

Eist Guiden/Scoutshome steet an der Dicks Lentz Strooss, zu Bieles. Hei starten alleguer Branchen an hir Versammlungen, déi esou vill wei méiglech am Bësch stattfannen.





# GUIDEN A SCOUTEN G.-D. JEAN



Kanner, Jugendlecher an och Erwuessener hunn bei eis Méiglechkeet Member bei den Biber, Wëllef, Avex, CaraPio, Raro an Albatrossen ze ginn. Natierlech sinn och zukünfteg Chef Wëllkomm.

Wann s du nach froen hues, kanns du gäre mat eis Kontakt ophuelen.





## Guiden a Scouten Grand Duc Jean


**Gruppechef**
*Philippe Kröger*
**E-Mail**
*gruppechef@bieles.lgs.lu*

***Adresse***
*17, rue Dicks Lentz*
*L-4436 Sanem*

# CERCLE ATHLETIQUE BELVAUX



De CAB gouf 1981 gegrënnt an ass haut aktiv an der Liichtathletik an am Duathlon/Triathlon an dat mat méi wei 250 Athleten.
Mer organiséieren awer och eng Réi Manifestatiounen : Kids Cup fir déi Kleng, Cross, Cross-Duathlon, Duathlon, Belval-Laf, Trail, Meeting Challenge Tageblatt, Meeting ouvert, ….

Ob der Loscht hutt Iech an enger flotter Ambiance an der frëscher Loft ze beweegen oder ob der méi grouss Ambitiounen hutt da kontaktéiert eis.
De CAB huet och seit 2017 eng nei Sektioun: Outdoor Fitness Training. Dëse Projet gouf an d´Liewe geruff fir Leit mat sportlechem Interessi zesummen ze bréngen.

An eisem Gruppentraining proposéiere mir funktionell Übunge fir de ganze Kierper.
D’Trainingszäite vun desem Grupp fann dir op eisem Facebook Site @MovingForwardLuxembourg (Traineren: Christophe Tironi & Andy Liegeois).





# CERCLE ATHLETIQUE BELVAUX

| | Début | Fin | lieu d'entraînement |
|---|---|---|---|
| **ludiques et benjamin(e)s - (2017 + 2016 + 2015 + 2014)** | | | |
| mardi et jeudi | 17h00 | 18h00 | Halle tennis Schéierhaff (hiver)/Aire d'athlétisme Scheierhaff Zolwer(été) |
| **débutant(e)s (2013 + 2012) et scolaires (2011 + 2010)** | | | |
| mardi et jeudi | 17h30 | 19h00 | Halle tennis Schéierhaff (hiver)/Aire d'athlétisme Scheierhaff Zolwer(été) |
| ATTENTION: CAB Youth Triathlon Informations plus bas | | | |
| **minimes; cadet(te)s; juniors; espoirs; seniors (2009 - ...** | | | |
| lundi et mardi | 18h00 | 20h00 | Aire d'athlétisme Scheierhaff Zolwer |
| mercredi et jeudi | 18h00 | 20h00 | piste d'athlétisme Dudelange |
| vendredi | 18h00 | 20h00 | Aire d'athlétisme Scheierhaff Zolwer |
| samedi | 10h00 | 12h00 | piste d'athlétisme Dudelange |
| **course à pied loisir (jogging relax)** | | | |
| mardi | 17h00 | 18h00 | Aire d'athlétisme Scheierhaff Zolwer |
| **demi-fond; fond; triathlon (course à pied)** | | | |
| mardi | 17h30 | 18h00 | jogging Aire d'athlétisme Scheierhaff Zolwer (sur rendez-vous) |
| mardi | 18h00 | 19h30 | Festikuss Scheierhaff Zolwer PPG (sur rendez-vous) |
| mercredi | 18h30 | 20h00 | piste d'athlétisme Dudelange (sur rendez-vous) |
| samedi ou dimanche | 10h00 | 12h00 | piste d'athlétisme Longwy (sur rendez-vous) |
| **triathlon pour tous (triathlon fir jiddereen)** | | | |
| mardi | 19h00 | 20h00 | course à pied: rv Parking LTL (Lalleng) (sur rendez-vous) |
| mardi | 20h00 | 21h00 | natation: Piscine LTL (Lalleng) |
| samedi | 9h30 | 12h30 | VTT (hiver) vélo course (été): sur rendez-vous sms 661556897 |
| dimanche | 9h30 | 12h30 | VTT (hiver) vélo course (été): sur rendez-vous sms 661556897 |
| | | | natation: piscine LTL (mardi) pas d'entraînements pendant les vacances<br>les athlètes qui ne veulent participer aux entrainements d'une discipline sont les bienvenues<br>les infos des entraînements vélo seront publiées par mail et WhatsApp<br>Contact: René Lieners Tel: 661556897 \| E-mail: info@cab.lu |

## Cercle Athlétique Belvaux

**Internetseit**
*www.cab.lu*
**E-Mail**
*info@cab.lu*

***Adresse***
*B.P. 85*
*L-4401 Belvaux*



# SPORTING CLUB BIELES

**<u>Discovery Gym</u>**
**<u>Kleinkinderturnen</u>**

**BABY Gym**
**(1-2 Jahre)**
Samstag
10:00-11:00
Kannercampus

**HAPPY Gym**
**(2-4 Jahre)**
Samstag
10:00-11:00
Kannercampus

**MINIS mixtes**
**(4-6 Jahre)**
Samstag
10:00-11:30
Kannercampus

**<u>Artistic Gym for girls/women</u>**
**<u>Kunstturnen weiblich</u>**

**MINIS féminins**
**(6-8 Jahre)**
Dienstag 17:00-19:00
Gymnikuss
Freitag 17:00-19:00
Gymnikuss

**JUNIORS féminins 1**
**(8-14 Jahre)**
Montag 18:00-20:00
Gymnikuss
Mittwoch 18:00-20:00
Gymnikuss

**SENIORS féminins**
**(ab 14 Jahren)**
Montag 20:00-22:00
Gymnikuss
Donnerstag 20:00-22:00
Gymnikuss

**<u>Artistic Gym for boys/men</u>**
**<u>Kunstturnen männlich</u>**

**MINIS masculins 1**
**(6-8 Jahre)**
Dienstag 16:00-17:30
Gymnikuss
Donnerstag 16:00-17:30
Gymnikuss

**JUNIORS masculins**
**(8-14 Jahre)**
Dienstag 18:00-20:00
Gymnikuss
Freitag 18:00-20:00
Gymnikuss

**SENIORS masculins**
**(ab 14 Jahren)**
Dienstag 20:00-22:00
Gymnikuss
Freitag 20:00-22:00
Gymnikuss









# SPORTING CLUB BIELES

**<u>Just Dance</u>**
**<u>Jazz Tanz</u>**
**Niveau préparatoire, moyen, avancé**
**(ab 12 Jahren)**
Dienstag
18:00-20:00
École 2000
Mittwoch
18:00-20:00
École Chemin rouge





**<u>Active Defense</u>**
**Wyng Tjun / Escryma**
**SENIORS**
**(ab 16 Jahren)**
Montag
18:00-20:30
Festikuss
Mittwoch
18:00-18:30
Festikuss





**Gymnikuss**
3, rue Jean Anen
L-4413 Soleuvre



**Ecole Chemin Rouge**
61, Chemin Rouge
L-4480 Belvaux



**Ecole 2000**
45, rue de Belvaux
L-4418 Soleure



**Festikuss**
3, rue Jean Anen
L-4413 Soleuvre



**Kannerkampus**
100, avenue du Blues
L-4368 Belvaux




## Sporting Club Bieles

**Internet**
*http://www.scb.lu*
**E-Mail**
*contact@scb.lu*

***GSM***
*691 59 33 35*



# FELDMAIS

Komm maach mat / Rejoins-nous
all Samschden vun / tous les samedis de
14 - 16 hrs
beim / à côté du Kulturschapp Eilereng
Jidfereen ass welkom / Tout le monde est bienvenue
Onofhängeg vun Relioun oder Politik / indépendant de la religion et de la politique
vun / de
5 à 99 ans







# FELDMAIS



**Kontakt:**

E-Mail: feldmais@feldmais.lu
Tél: 621 621 781







# BIELESER MUSEK

D’Bieleser Musek ass den 30. November 1892 gegrënnt ginn an ass mat 130 Joer déi  eelste Museksgesellschaft aus der Gemeng Suessem.

Wat hiren Historik ubelangt, war d’Bieleser Musek initial eng “Fanfare” an hat hiren Héichpunkt an de 60-er Joeren vum läschte Joerhonnert, wou si deemools ënnert de 4 beschte Fanfare vum Land figuréiert huet.

Aus der Fanfare ass lues a lues vun der Besetzung hir, eng Harmonie ginn. De Numm ass schlussendlech ganz einfach a “Bieleser Musek ASBL” ëmgewandelt ginn.





# BIELESER MUSEK

Hautdesdaags besteet de Veräin aus verschiddene Formatiounen: der Trommlerclique, der Bieleser Musek, de „BIZUMU“ (Bieleser Zukunftsmusikanten), der „YBB“ (Young Band Bieles) an enger “Strëpp”.

Mat de Schüler, wouvu verschiddener niewt dem Solfège och en Instrument spillen, sinn dat ronn 45 Aktiver. Den  Altersduerchschnëtt ass extrem niddereg, wëll niewt e puer eeler «Semester» gréisstendeels Jonker am Veräin aktiv sin.



## Bieleser Musek asbl.

**Präsident**
*Mike Schummer*
**Vize-Präsident**
*Marco Goelhausen*
***Sekretär***
*Marco Goelhausen*

***Dirigent (zanter 2022)***
*Patrick Stracks*

**Kontakt**
*Tél.: 691 592236*
*bielesermusek1892@gmail.com*



# HARMONIE ÉILERENG

D'Harmonie Éilereng gouf den 30. November 1985 op Initiativ vum haitegen Éierepresident Gérard Biver gegrënnt an ass domat déi jéngste vun de véier Museken aus der Gemeng Suessem.

D'Leedung vum Veräin bestécht duerch seng ausseruerdentlech Kontinuitéit: sou hat d'Éilerenger Musek an hirer 34-järeger Geschicht bis ewell just zwee Dirigenten an zwee Veräinspresidenten un hirer Spëtzt. Zanter dem Joer 2000 gëtt de Veräin vum Jean-Jacques Rieff presidéiert, zesummen mat engem Verwaltungsrôt vun 14 Memberen. An de folgenden Zeile stelle mer Iech di eenzel Ensembele vun der Éilerenger Musek kuerz fir.
Den Haaptorchester besteet aus 54 Musikantinnen a Musikanten a steet säit 2015 ënnert der Direktioun vum Claude Weiland. Der Harmonie Éilereng hir Galaconcerten zeechnen sech besonnesch duerch hir Originalitéit aus. Vu Klassik iwwert Latin Jazz a Symphonic Rock weess d'Éilerenger Musek hirem Publikum ëmmer nees mat engem neie frësche Programm ze begeeschteren. Den Dirigent schafft onermiddlech fir dass d'Orchester weiderhin op musikaleschem Niveau wiisst. D'Musiker(innen) ënnerstëtzen des Dynamik mat guddem Prouwebesuch.





# HARMONIE ÉILERENG

Musikalesch Leederin vun eisem Nowues ass zanter September 2022 d’Yannice Faber. D’Yannice wou Orchesterdirektioun am Escher Conservatoire léiert, an engem Museksstudium op der Uni Lëtzebuerg nogeet, këmmert sech em d’ «Butzen», also di ganz Kleng di nach keen Instrument spillen. Eemol an der Woch gin d’Kanner hei op eng méi spilleresch Aart a Weis an d’Welt vun der Musek erageféiert. Donieft dirigéiert hatt awer och eise Jugendensembel “Éilerenger Harmoniechen”. Hei sammelen di jonk Museker, déi hiert Instrument am Escher Conservatoire oder enger lokaler Musekschoul léieren, hir éischt Erfarung an engem Ensembel.

Di wöchentlech Prouwen sinn am Musekssall am Kulturschapp zu Éilereng:

| Harmonie | Harmoniechen | Butzen | White Sticks |
|---|---|---|---|
| Freides | Freides | Mettwochs | Méindes |
| 19:30 – 21:30 | 18:15 – 19:15 | 18:15 – 19:15 | 19:00 |

Mir freeën eis iwwert all neie Schüler, jonken oder manner jonke Museker di gären op Éilereng Musek spille kommen. Selbstverständlech stelle mir gratis e Museksinstrument zur Verfügung.

E ganze Koup weider Informatiounen iwwert de Veräin an eis Aktivitéite fannt Dir op www.harmonie-eilereng.com



## HARMONIE ÉILERENG

**Kontakt**
info@harmonie-eilereng.com
**Telefon**
*621 - 146 215*

# ZOLWER MUSEK



## Wat 1907 als Fanfare ugefaangen huet, gehéiert mëttlerweil, ënnert dem Numm „Harmonie de Soleuvre“, zum feste Bestanddeel vum kulturelle Liewe vun der Gemeng Suessem.

Nieft qualitativ héichwäertege Prestatiounen am In- an Ausland an der Participatioun un enger sëllege Concoursen ass bei der „Zolwer Musek“ besonnesch déi gutt Ambiance ervirzesträichen. Ënnert anerem mat Aktivitéiten, wéi der Kleesechersparty „Léiwen Zinni, blos!“ am Dezember, oder mam groussen Zolwer Moart, deen dëst Joer de 17. Juli wäert sinn, suergt d’Zolwer Musek fir gutt Stëmmung an der ganzer Gemeng an doriwwer raus.

Zesumme mat der „Harmonie des jeunes de Soleuvre“ ass hei Plaz fir Musekliebhaber vun all Alter.

Eis Dirigenten, de Claude Origer an d’Ema Ajdarpasic suerge bei all Grupp fir een ofwiesslungsräichen a flotte Programm, genee sou wéi fir gutt „Stëmmung“ bei de musikaleschen an aussermusikaleschen Aktivitéiten.

D’Prouwe vun eiser Jugendmusek sinn all Woch Freides um 19:00 Auer an d’Prouwe vun eiser „grousser Musek“ sinn all Donneschden um 20:00 zu Zolwer an eisem Proufsall iwwert der Epicerie.








# ZOLWER MUSEK

Fir e bëssen op de Goût ze komme kënne mir Iech elo schonn op eisen traditionelle Galaconcert Sonndes, den 30ten Abrëll um 20:00 Auer am Artikuss invitéieren. Um Programm sti Wierker wéi Year of the Dragon a Suite from “Festival of the Highlands" vum Philip Sparke, L’Apprenti Sorcier vum Paul Dukas an Andante Cantabile vum Sergei Rachmaninov.

Dir wëllt méi Informatiounen zu eis an eisen Aktivitéite kréien?

Da kuckt op eiser Facebook Säit „Harmonie de Soleuvre“ oder op www.harmoniedesoleuvre.lu !





## Zolwer Harmonie

**Kontakt**

secretariat@harmoniedesoleuvre.lu

**Internetsäit**

*www.harmoniedesoleuvre.lu*




# SUESSEMER HARMONIE

## Am Joer 1906 hunn e puer museksbegeeschtert Leit zu Suessem sech zesummegedoen an hunn eng Musek mam Numm „Fanfare Concorde“ gegrënnt.

Trotz ville Schwieregkeeten huet déi Gesellschaft iwwerlieft, an am Joer 1997 ass aus der Fanfare eng Harmonie entstan. An deene leschten 20 Joer huet d’Harmonie Concorde reegelméisseg u Concoursen am In- an Ausland mat fill Erfolleg Deel geholl.

Mat vill Gedold a Kënnen leed de Laurent Paolucci lo zanter 1994 als Dirigent den Orchester vu ronn 50-60 Musekanten. Dorënner falen och eis Jongbleiser, wou Jonker - manner Jonker – hir musekalesch Carrière an der Suessemer Musek ufänken.

Natierlech spillt d’Suessemer Musek reegelméisseg Concerten am Duerf, an der Gemeng souwéi am In- an Ausland. Grousse Succès huet all Joer de Gala-Concert, deen all Kéier ënnert engem aneren Thema steet. De Répertoire besteet aus all Genre vu Musek, wéi Musical, Variété, Klassik, Blues an Jazz. Net vergiessen wëlle mer awer och eis ausser-musekalesch Aktivitéiten wéi eise Chrëschttheater, de Béier-Dengen-Do an eist Quetschekraut.








# SUESSEMER HARMONIE

D'Harmonie Concorde Suessem – zesumme mat hiere Jongbléiser- wärt och an Zukunft op dem ageschloene Wee weidergoen, a probéieren de Leit aus eisem Duerf vill flott Momenter ze bidden.

Bass du interesséiert? Da mell dech
Per Mail um hcsuessem@gmail.com
Per Telefon um 661621642 (Sandrine Reuter – Presidentin)
oder komm Donneschdes an eis Prouf (18.00 – 19.00 Jongbleiser;
19.30-21.30 Harmonie)





## Suessmer Harmonie

**Kontakt**
*https://www.facebook.com/Suessemer.Musek*




# DËSCHTENNIS ZOLWERKNAPP

Den Dëschtennis Zolwerknapp freed sech dëst Joer nees kënne bei de Minëttsfrënn dobäi ze sinn. Eise Veräin deen et elo scho 64 Joer an der Gemeng gëtt, bitt Traininge fir Grouss a Kleng un:



Eis Trainingszäiten:

**Méindeg**:

17:00 – 18:30 Fir déi Kleng

18:30 – 20:00 Fir déi Grouss

20:00 – 21:30 Fräien Training fir déi Grouss

**Mëttwochs**:

17:00 – 19:00 Fir déi Kleng

19:00 – 21:00 Fir déi Grouss

21:00 – 22:00 Fräien Training fir déi Grouss



Mär freeën eis iwwer all neie Spiller.




Kommt bis laanscht kucken oder mellt Iech beim:

**Steve Gierenz:**
621 766 837
gierenz_steve@hotmail.com

**Christiane Welscher:**
621 730 441

**Weider Informatioune fann där op eisem Internetsite:**

**www.dt-zolwerknapp.lu/**



## Dëschtennis Zolwerknapp

**Präsident**
*Steve Gierenz*
**Vize-Präsident**
*Marc Klensch*
***Sekretär***
*Christiane Welscher*

***Keessier***
*Luciano Dal Zotto*
***Memberen***
*Adnan Agovic, Almin Cikotic, Claude Graas, Dominique Delacre, Odile Gaertner*



# CULTURE CLUB 2000 SUESSEM

## „Alles kann, näischt muss!"

Dat ass d'Devis vun dësem Veräin, deen zanter iwwert 40 Joer d'Veräinsliewen zu Suessem mat bestëmmt: dem Culture Club.
Gegrënnt gouf de Club 1973 als «Club des Jeunes». Déi Form vu Club war deemools am Zäitgeescht. D'Konzept war einfach: Jonker aus dem Duerf hu sech zesumme gedoen, fir an der Equipe eppes Flottes ze maachen. Esou huet de Club de Jeunes Theater gespillt, Rallye preparéiert, beim Buergbrenne matgemaach oder och di legendär "Spiller ouni Grenzen" organiséiert.
An dësem Club war en Héchstalter fir Membere festgesat: nämlech 35 Joer. Enn der 90ger Jore si vill vun den demollege Memberen un di Altersgrenz eru komm. Den Nowuess awer konnt net richteg fir d'Iddie vum Ufank vun de 70ger begeeschtert ginn.





# CULTURE CLUB 2000 SUESSEM

## DE RENOUVEAU VUN 2000

Am Joer 2000 huet de Club sech dunn nei Statute ginn a sech ëmgedeeft: zanter hier heescht een “Culture Club”.
Di éischt Joren als Culture Club ware vun eise “Lëtzebuerger Owender” markéiert – e Programm vu Lëtzebuerger Texter, Lidder a Sketcher mat deem mir duerch d’ganzt Land gereest sinn (also bal... )
Eng Aktivitéit, déi sech iwwert di 40 Joer Existenz vum Veräin awer gehalen huet, ass déi vun enger grousser Theaterproduktioun am Hierscht. Derniewent zielt den traditionelle Kannerbal op Fuessonndeg och nach ëmmer zu de feste Rendezvousen. De Culture Club feiert och ëmmer erëm gären an intensiv den Éischte Mee a geet als “bande de copains” vun Zäit zu Zäit op en Ausfluch an d’Ausland.
D’Membere vum Culture Club sinn dernieft ganz intensiv op der “Pifffaass-Bün” vun der Entente aktiv: dat ass all Joer en Highlight.
Culture Club bedeit awer och eng joerzéngtelaang Frëndschaft, wou ee fir deen aneren do ass!

**Interesséiert?**
Mir huele gären nei Memberen op – si solle Loscht um Schaffen hunn, Spaass hunn op eng Bün ze klammen oder hannert dem Comptoir ze stoen, si sollen Tombola wëlle verkafen an derniewent um Kannerbal Kanner animéieren, si sollen de Béier gären hunn, an derbäi Zäit hunn, einfach e gudden Ament mat agreabele Leit ze verbréngen.



## Culture Club 2000 Suessem



# CERCLE BOULISTE ET CULTUREL BELVAUX-METZERLACH A.S.B.L

## Présentation du CERCLE BOULISTE ET CULTUREL BELVAUX-METZERLACH

Assemblée constituante en date du 16 août 1964

Le siège social se trouve à la Taverne BOULEVUE, sise 182, Chemin Rouge à L-4480 BELVAUX

Dans les statuts, ses objets sont définis comme suit :
a) propager et organiser tous les sports boules,
b) propager, créer et entretenir des épreuves sportives, des œuvres culturelles et sociales,
c) collaborer avec des sociétés poursuivant des buts analogues,
d) se procurer les fonds nécessaires à la réalisation des buts fixés.
L'association est affiliée à la Fédération Luxembourgeoise de Boules et Pétanque (F.L.B.P.), participe aux compétitions organisées par celle-ci et se soumet à la réglementation de cette dernière.
L'association est neutre des points de vue politiques, philosophiques et religieux.





# CERCLE BOULISTE ET CULTUREL BELVAUX-METZERLACH A.S.B.L



Le Club compte actuellement :

- 310 membres honoraires
- 54 membres licenciés compétition
- 372 membres licenciés loisirs

Les activités sportives se déroulent sur quatre terrains outdoor et au Boulodrome National, sis au Chemin Rouge à Belvaux Metzerlach.

Pour toute question concernant ses statuts, membres, comités, activités sportives et culturelles, prière de consulter notre site INTERNET :  www.cbcbm.lu



**CERCLE BOULISTE ET CULTUREL BELVAUX-METZERLACH a.s.b.l.**

**Präsident**
*Patrick Majerus*

**CORRESPONDANCE :**
JOHN SCHLENTZ
81, RUE MICHEL RODANGE
L-4482 SOLEUVRE

**COURRIEL :**
CBCBM@PT.LU
**COMPTE BANCAIRE:**
BGL BNP PARIBAS LU 55 0030 2538 9176 0000
RCSL N° F5283

# PHOTO CLUB GEMENG SUESSEM



Hues du Loscht mat dengem Fotoapparat besser eens ze ginn oder nei Techniken ze entdecken?

Wëlls du wëssen, wéi s du deng Fotoe verschaffe kanns, datt se nach besser ausgesinn? Géifen dech Stagen oder Workshoppen iwwer Natur, Portrait, Stillife, asw. intresséieren?

Oder hues du souguer vläicht Loscht an engem Fotostudio e Shooting an enger lockerer Atmosphär ze maachen?

**Eis Aktivitéiten**

Reegelméisseg Versammlungen, am Prinzip all Méindeg an eisem Studio am Centre Culturel Metzerlach.

Formatiounen zu verschiddenen Themen aus der Fotografie.

Projektioun an Diskussioun iwwert d’Biller vun de Memberen.

Foto-Sortien an Ausflich.

Flott aner Aktivitéiten, wou mer zesumme mat der Famill eppes ënnerhuelen.










Du wëlls Member ginn?

Mëll dech un op eisem Internetsite:

**www.pcgs.lu**

email: contact@pcgs.lu

PHOTO-CLUB Gemeng Suessem

Centre Culturel Metzerlach

62, rue Sigfroi

L-4407 Belvaux



# AMIS DE LA FLEUR

D'Amis de la fleur Bieles hunn 2019 hier 100 Joer gefeiert. Et ass nach den eenzegen Gaardeverain an der Gemeng an ëmmer nach ganz aktiv. Gemeng huet zwee flott Gäert ugeluecht huet, déi vun Veräin geréiert ginn.

**Gäert am Matgesfeld zu Bieles**

28 Parzellen vun 7x7m stinn de Bierger aus der Gemeng zur Verfügung fir Geméis ze zillen oder Blummen ze séinen. Natierlech komplett ouni Pestiziden. De Freiraum ronderëm gëtt zesummen genotzt. Ideal deemno fir Famillen oder jiddereen deen gären an engem flotten soziale Kader am Gaart schafft. De Site ass op a kann gären besicht ginn fir sech ze inspiréieren. Fir eng Parzell ze kréien muss een sech an enger Waardelëscht aschreiwen.

**Gemeinschaftsgaart Suessem**

An dësem flotte Gaart hannert der Maison Relais an der Schlassstroos zu Suessem gëtt zesummen geplangt a geschafft. Eng kleng Zär wei och en Hingerstall gehéieren zum Gaart. Néi Gäertner op jonk oder aal gären mat aneren zesummen schaffen sinn ëmmer wëllkomm! De RDV ass an der Regel all Samschdeg um 10:00 während der Saison. Participatioun ass gratis an et gëtt keng Waardelëscht.





# AMIS DE LA FLEUR

2019, les Amis de la fleur Belvaux ont fêtés leur 100ième anniversaires. Il s'agit de la dernnière association horticole qui existe encore dans la commune. Le club gère deux jardins, aménager par la commune.

**Les jardins au Matgesfeld à Belvaux**

28 parcelles de 7x7m sont à disposition des citoyens de la commune pour cultiver des légumes ou de semer des fleurs. Bien sûr 100% « sans pesticides ». L'espace vert autour est utilisé communautairement. Donc idéale pour des familles et tous qui aiment bien jardinier dans un cadre convivial. Le site est ouvert à tout le monde pour venir s'inspirer. Pour recevoir une parcelle, l'inscription sur une liste d'attende est nécessaire.

**Jardin communautaire Sanem**

Dans ce joli jardin derrière la maison relais rue de château à Sanem, on planifie et plante ensemble. Une petite serre et un poulailler appartienne au jardin. Des nouveaux jardiniers de toute âges sont bienvenu. RDV pour jeunes et moins jeunes tous les samedis à 10 :00 pendant la saison. La participation au jardin est gratuite et une liste d'attente n'existe pas.



**Kontakt :**
*comite@gaartanheem-suessem.lu*
*Guy Kaufmann*
*Tél.: 691 524312*

# TC BELVAUX



Liebe Mitglieder und Freunde des TC Belvaux,

Unser Verein feierte 2022 seinen 55. Geburtstag. Voller Stolz dürfen wir auf 55 Jahre erfolgreiche gemeinnützige Arbeit zurückblicken, welche ohne die vielen Helfer, wie den Gründern, den Vorstandsmitgliedern, den Mannschaftsführern, aber auch viele weiteren Mitgliedern nicht möglich gewesen wäre. Durch ihren Einsatz konnte die Gründung, die Weiterentwicklung sowie auch der Fortbestand des Vereins garantiert werden. Ihnen allen gilt mein besonderer Dank.



Heute zählen mehr als 250 Mitglieder zu unserem Verein, davon 50 Kinder und Jugendliche, die von unseren Trainern Yohann Dias,  Olivier und Stéphane Plique an den Tennissport herangeführt werden. Den Kindern sollen dabei die Freude an der Bewegung und am Spiel sowie ein natürlicher Umgang mit Leistung, Fairness und Toleranz vermittelt werden.



Als Verein sind wir uns unseres sozialen, gesellschaftlichen und integrativen Auftrags bewusst und möchten unseren Teil dazu beitragen, dass Menschen, die noch nicht lange in unserem Land oder unserer Gemeinde wohnen, möglichst schnell Anschluss und somit ein neues Zuhause finden.



# TC BELVAUX

Der größte sportliche Erfolg der letzten Jahre war 2016 mit Sicherheit der Wiederaufstieg der 1. Herrenmannschaft in die Nationaldivision, nachdem sie sich dort von 2009-2014 bereits als Dauergast bewährte, während es die 1. Damenmannschaft in die Ehrenpromotion schaffte. 2018 spielte die erste Herrenmannschaft in der Nationale 1 und die Damen konnten sich über den Aufstieg in die Nationale 2 freuen. Darüber hinaus bringt der TC Belvaux bei den Landesmeisterschaften jedes Jahr mehrere Landesmeister hervor, eine Leistung, die für solch einen kleinen Verein mehr als beachtlich verzeichnet werden kann.

Bei aller Freude sollte ein Jubiläum immer auch ein Anlass sein, einen Blick in die Zukunft zu werfen. So hat sich der Vorstand in den letzten Monaten gefragt: Wie kann ein zukunftsfähiger TC Belvaux aussehen? In den nächsten Jahren werden allerlei Neuerungen auf uns zukommen, sodass wir zuversichtlich sind, dass es uns gelingen wird, noch attraktivere Angebote präsentieren zu können und junge Leute auch weiterhin für den Sport im Verein zu begeistern.

Hierfür wünsche ich allen Beteiligten gutes Gelingen und viel Erfolg!
Max Clement, Präsident des TC Belvaux



**Vorstand**

Präsident: Max Clement
Vize-Präsident: Sharon Arendt
Sekretärin: Sharon Arendt
Schatzmeister: André Clement / Luc Küntziger
Mitglied: Bernard Dufour
Mitglied: Zoé Huss

Mitglied: Dominique Mansy
Mitglied: David Duday
Mitglied: Christian Durbach
Mitglied: Julien Zanardelli
Mitglied: Marc Küntziger

**Kontakt**

bx.flt.lu@gmail.com



# BBC ZOLWER

**COMMISSION DES JEUNES**

Sans la participation des parents ou bénévoles, le basketball ne peut pas être joué!
Pour le bon fonctionnement de toutes nos manifestations comme nos matchs, les tournois nos fêtes ainsi que nos tournois et excursions à l'étranger, etc.
Nous avons besoin de tous les parents ou bénévoles pour nous aider, comme par exemple :
Laver les uniformes (tricots) - Faire le chrono et la feuille de match digitale (DIGIBOU).
Pour les tâches du chrono et du Digibou, une formation spécifique vous sera offerte.
Gérer la buvette ou simplement un coup de main est toujours la bienvenue.
Pour toutes ces tâches et beaucoup plus, les responsables du BBC AS Soleuvre vous expliqueront le fonctionnement.
Rejoignez un club actif avec des membres motivés et aidez à créer une ambiance hors du commun!
Un bénévole est aussi important qu'un joueur, coach ou arbitre et mérite notre profond respect.

**Les membres de la COMMISSION des Jeunes**

| | |
|---|---|
| Chantal PRATT | Présidente |
| John KASS | Trésorier |
| Luc SCHINTGEN | Tésorier adi. |
| Sabrina STEFFEN | Secrétaire |
| Steve ANEN | Membre |
| Diane ARANI | Membre |
| Raphaël FONSECA | Membre |
| Manuel FONSECA | Membre |
| Luc LOESCH | Membre |
| Sabrina GUEDES | Membre |
| Pedro RIBEIRO | Membre |



# BBC ZOLWER

| Féminin | |
|---|---|
| Seniors dames | 26 |
| Juniores | 6 |
| Cadettes | 13 |
| Filles Scolaires | 12 |
| Fillettes | 8 |
| Poussines | 4 |
| Officiels | 44 |
| Total féminin | 114 |

| Masculin | |
|---|---|
| Seniors hommes | 70 |
| Juniors | 7 |
| Cadets | 20 |
| Scolaires | 19 |
| Minis | 15 |
| Poussins | 30 |
| Officiels | 67 |
| Total masculin | 228 |

| | |
|---|---|
| Total club | 342 |







**Vorstand**

Präsident: Olivier BOCK
Vize-Präsident: vacant
Sekretärin: Chantal PRATT
Schatzmeister: Luc SCHINTGEN
Mitglied: Raphaël FONSECA
Mitglied: Sabrina STEFFEN

Commission des Finances & Sponsors
Coordinateur: Luc Schintgen
Membre: Olivier BLOCK

Commission technique
Coordinateur: Georges PRATT
Membre: Chantal PRATT
Membre: Romain PESCHE

Relation avec le corps arbitral
Coordinateur: Manuel FONSECA
Membre: Raphaël FONSECA




Zënter 2021 gëtt et an der Gemeng Suessem e neie Veräin: mam Handball Bieles (kuerz HBB) huet sech eng nei Sportaart zu Bieles niddergelooss. Den HBB ass een offiziell bei der Lëtzebuerger Handballfederatioun agrééierte Club. Ronn 70 Spillerinnen a Spiller an 3 verschiddene Kategorien engagéieren sech am Moment am Club. Dobäi kommen eng 15 Leit, déi am Hannergrond alles dofir ginn, dass de Ball Woch fir Woch rulle kann.

**D'Equippen:**

- Senior Dames: Equipe an der Nationaldivisioun (AXA League)
- Senior Hommes: Equipe an der 2. Divisioun
- Jugend: U11 an U13

Handball ass ee ganz dynameschen Equippesport. E schnellt Spill, kierperlech Aktivitéit, mä virun allem en staarken Teamgeescht zeechnen dëse Sport aus. Handball gewënnt zu Lëtzebuerg ëmmer méi u Beléiftheet. Dofir si mir frou, dass mir vun elo un och an der Gemeng Suessem eng Handball-Geschicht schreiwe kennen. Et ass eis elementar wichteg, eng familiär Atmosphär fir eis Equippen ze schafen.








Eise Club plangt, sech an de nächste Joren weider ze entwéckelen, notamment wëlle mir verstäerkt an d'Jugend investéieren. Eis stellt fir den HBB e fundamentale Pilier duer, an dofir ass et eise ëm sou méi wichteg, dës ze fërderen.

Du hues Loscht dëse flotte Sport kennen ze léieren an Deel vun engem jonken an dynamesche Veräin ze ginn? Da bass du bei eis genau richteg! Fir jiddereen ass eppes dobäi.

Weider Infoen fënns du op eiser Internetsäit: www.handball-bieles.lu oder schreif eis einfach eng E-Mail (info@handball-bieles.lu)

De ganzen Handball Bieles!





**Siège social:**
341, route d'Esch
L-4451 Belvaux

Adresse postale:
23, Cité Charles de Gaulle
L-4951 Bascharage

www.handball-bieles.lu
info@handball-bieles.lu



# HOT DADDIES SUESSEM

## Wirschtercher an Nouten

Heiansdo entsteet aus Zoufall eppes Grousses. Esou kann een d'Geschicht vun der ASBL Hot Daddies vu Suessem resüméieren.
Fir d'Schoulfest am Summer war et laang d'Traditioun, dass d'Pappe vun de Schoulkanner gegrillt hunn Si hate Spaass! Virun e puer Joer koum dunn d'Iddie op, fir aus dem Grupp e Veräin ze maachen. Dat éischt Ziel sollt et sinn, Manifestatiounen z'organiséiere fir d'ganz Famill – a generell Leit zesummen ze bréngen.

An esou ass et geschitt: 2015 goufen d'Hot Daddies gegrënnt. Et ass e Grupp vu Pappen: Männer déi jidderee kennt mee och nei Leit, déi bis dohinner a kengem Veräin engagéiert waren.



### Schaffen…

A well d'Daddies gäre schaffen, maache se dat. Si hunn esou zum Beispill 2016 en éischt Fest am Parc Backes organiséiert – dat gëtt et elo all 2 Joer op Christihimmelfahrt. An bei deenen éischten Editioune sinn all Kéier ganz vill Leit komm, fir e flotten Ament zesummen ze verbréngen.

Besonnesch attraktiv ass dat Ganzt, well d'Daddies sech gären eng afale loossen, fir hier Leit ze bekäschtegen: e "Renner" ass an deem Kontext de „Pulled Porc" am „Smoker", oder och d'Tarte flambée, déi "à la minute" gemaach gëtt.

# HOT DADDIES SUESSEM

## A Sangen...

D’Daddies organiséieren awer net nëmme Fester. Iergendwann hu se fonnt, datt se gäre sangen. An esou hu se d’Hot Daddies Singers an d’Liewe geruff: dat sinn e puer vun de Pappen, déi Loscht hunn, hier Stëmm ze trainéieren an dono viru Publikum opzetrieden. Och dëst leeft gutt – en Highlight si sécher d’Optrëtter am CIPA Waassertrap oder och fir Chrëschtdag dobaussen op der Strooss. Grad esou wéi hir Optrëtter mat de Schoulkanner an der Vergaangenheet, wou d’Daddies an d‘Kanner zesumme gesongen hunn.

Nieft dem “Foot and Food” – dem Public Viewing bei grousse Fussballeventer hunn d’Hot Daddies 2018 eng éischte Kéier e Quiz organiséiert: den Echo war super!

D’Hot Daddies fonctionéiere just, an deem hier Famillje si ënnerstëtzen an d’Mammen, d’Kanner a vill Frënn eng Hand mat upaken. Bass Du e staarke Papp? Motivéiert an interesséiert Dech op dësen Challenge anzeloossen? Da bass Du wëllkomm bei eis!



DIR FANNT EIS OP FACEBOOK:
-HOT DADDIES SUESSEM

## Hot Daddies Suessem

**Kontakt:**
*hotdaddys-suessem@hotmail.com*

# FC EILERENG



1959 gouf den Fussballclub aus der Gemeng Suessem gegrend.

President ass den Stocchi Marco den vum Rosal Pedro als Vize-President ënnerstëtzt gëtt.

Zanter bëssen méi ewéi 10 Joer suergt eis Jugend Kommissioun,mam Claude Therwer dofir ,dass intensiv um Nowuess geschafft gëtt an den Zoulaf vun neien Spiller weist dass zu Éilereng eng flott Ambiance ass an dat vun kleng bis grouss.

Matt scho 4 Joer kennen déi klengst déi sech vir Fussball intresséieren bei eis aschreiwen an Trainéieren kommen.

Ziel ass et vir dass eis Butzen och iergendwann hoffentlech Emol ganz uewen bei den Senioren kennen mat spillen.









# FC EILERENG

| Horaires d`entrainements | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Catégorie / Catégories d'ages** | **Lundi** | **Mardi** | **Mercredi** | **Jeudi** | **Vendredi** |
| **Bambini /2018-2019** | | 17:00- 18:00 | | 17:00 18:00 | |
| **Pupilles / 2016-2017** | | 17:00- 18:00 | | 17:00- 18:00 | |
| **Poussins / 2014-2015** | | 17:30- 19:00 | | 17:30- 19:00 | |
| **Minimes / 2012-2013** | 17:50-19:00 | 18:00-19:15 | | 18:00-19:15 | |
| **Scolaires / 2010-2011** | 17:00-19:00 | | 17:00- 19:00 | | 17:00- 19:00 |
| **Cadets / 2008-2009** | | 18:00-19:30 | | 19:15-20:45 | 19:15-20:45 |
| **Juniors / 2006-2007** | 19:00-20:30 | | 19:00-20:30 | | 18:00-19:30 |







## FC Eiléreng

**Kontakt:**
*78, rue d'Esch*
*L-4380 Ehlerange*
*Tél.: 691 422 243 (Chico Oliveira)*
*Tél.: 691415591 (Rosal Pedro)*

# FC THE BELVAL



**Montée en Division d`Honneur 1991**

Et pourtant, la saison n'avait pas bien commençé. A la mi-saison, le club n`avait que 9 points. La peur se faisait sentir, mais lors du second tour de la saison, Belvaux a commencé à remonter le tableau. A deux matchs de la fin , le club était sur une place de montée. L`avant-dernier match contre Remich, Belvaux n'a fait qu'un match nul 4-4. Les fêtes on dû être repoussées à la dernière journée à Schifflange. Le jour arrivé, Belvaux ne s'est pas laissé prier et a remporté le match 4-0. Belvaux monta en Division d'honneur.

Le F.C. The Belval jouera deux années en promotion. Les années suivantes, le club descenda jusqu`en 2ème Division. Pendant la saison 1995-96, Belvaux se classa premier de la 2ème Division et remporta les matches de barrage, synonyme à la montée.

**Coupe FLF Seniors II 2003:**

Le 7 juin 2003, sur le terrain de Bascharage, la 2ème équipe de Belvaux remporta la première coupe de Luxembourg pour les équipes réserves. Le club gagna le match 4-1 contre Tétange.

**Victoire en Coupe FLF 2012 pour les seniors I:**

Le 10 juin 2012 les seniors 1 de Belvaux ont réussi l’exploit de remporter la Coupe FLF. En finale, ils ont battu Clemency sur le score de 1-0. Le but fut inscrit par Sven Fischer.









# FC THE BELVAL

| | Programme d'entrainement 2024/2025 | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | **Bambini** | **Pupilles** | **Poussins** | **Minimes** | **Scolaires** | **Cadets** | **Junior** | **Seniors 1** | **Seniors 2** | **Entrainement Gardien U9 -U13** | **Entrainement Gardien U13-U19** |
| **Lundi** | | | | 16h30 - 18h00 au Terrain à Belvaux | 16h30 - 18h00 au Terrain à Belvaux | 18h15-19h30 au Terrain à Belvaux | 18h15-19h30 au Terrain à Belvaux | | | | |
| **Mardi** | 16h30 - 17h30 au Terrain à Belvaux | 17h00 - 18h15 au Terrain à Belvaux | 17h15 - 18h30 au Terrain à Belvaux | | | | | 19h00 - 20h30 au Terrain à Belvaux | 20h00 - 21h30 au Terrain à Belvaux | 16h30-17h30 au Terrain à Belvaux | 18h00 - 19h00 au Terrain à Belvaux |
| **Mercredi** | | | | 16h30 - 18h00 au Terrain à Belvaux | 16h30 - 18h00 au Terrain à Belvaux | 18h15- 19h30 au Terrain à Belvaux | 18h15-19h30 au Terrain à Belvaux | | | | |
| **Jeudi** | 16h30 -17h30 au Terrain à Belvaux | 17h00 - 18h15 au Terrain à Belvaux | 17h15 - 18h30 au Terrain à Belvaux | | | | | 19h00 - 20h30 au Terrain à Belvaux | 20h00 - 21h30 au Terrain à Belvaux | 16h30-17h30 au Terrain à Belvaux | 18h00 - 19h00 au Terrain à Belvaux |
| **Vendredi** | | | | 16h30 - 18h00 au Terrain à Belvaux | 16h30 - 18h00 au Terrain à Belvaux | 18h15- 19h30 au Terrain à Belvaux | 18h00 -19h30 au Terrain à Belvaux | 19h00 - 20h30 au Terrain à Belvaux | | | |
| **Samedi** | | | 10h00 - 11h30 au Terrain à Belvaux | | | | | | | | |





## FC The Belval Bieles



**Kontakt:**
*2 -12 rue du Stade*
*L-4488 Belvaux*

# CS SANEM



Zanter dem Grënnungsjoer 1947 ass de Suessemer Fussball mat sengem Terrain an der Nidderkuerer Strooss doheem. Jorelaang hun eis Seniors 1 sech an der 2 wéi och an der 1. Divisioun gutt gehalen. Dunn an der Saison 1989/1990 ass et hinne gelongen, an d’Éierepromotioun ze klammen; an der Éierepromotioun huet den CS Suessem véier Saisone gespillt.

Fir d’Saison 2022/2023 spillen d’Seniors 1 vum CS Suessem an der 1 Divisioun. Nieft de Seniors 1 huet den CS Suessem awer och nach eng Seniors 2, déi des Saison an der 2 Divisioun spillen.

Och fir Nowuess gëtt am CS Suessem gesuergt. Mat sengen Equippe Bambinis, Pupilles, Poussins, Minimes & Juniors ass den CS Suessem och am Jugendberäich aktiv.








# CS SANEM

**Planning :**

Dënschdes & Donneschdes -> 17:30 - 18:30

Bambini (5-7ans) : Kim Kintziger 691673735

Pupillen (7-9ans) : Frank Bossi 621194232 & Adilson Silva 691661669

Poussin (9-11ans) : Ernad Redzovic 691649452

Minimes (11-13ans) : Ernad Redzovic 691649452

Dënschdes & Donneschdes -> 19:00 - 20:30

Junioren (17-19ans) : Max Hoeser 621 221 086

Fir dass d'Koordinatioun vun den Trainingen am Jugendberäich gutt klappt, huet den CS Suessem e Jugend cooridnateur an der Persoun vum Christian Nikels +352 661 192 895.





CS Sanem
**Kontakt:**
*rue de Niederkorn*
*L-4990 Sanem*



# NATUR & ËMWELT

Dir hutt sécher schonns eemol eppes vun der a.s.b.l. „natur&ëmwelt“ héieren. Déi sëlleche lokal Ënnerveräiner, déi duerch dat ganzt Land verspreet sinn, verbënnt een iwwergeuerdent Zil: den Erhalt vun der Biodiversitéit, an dat enger natierlecher an ofwiesslungsräicher Natur.

Dëser Missioun ginn net manner wéi 11.000 Memberen no, an dat andeems si sensibiliséieren, Rotschléi ginn, a konkret Moossnamen ergräifen. Dës kënne wëssenschaftlecher oder politescher Natur sinn, a sinn emol méi grouss an emol méi kleng ugeluecht.

Zu deene méi reegelméissegen Aktivitéiten zielt d’Ophänken an den Entretien vu Villerchershaisercher, sief dat am ëffentleche Raum oder och bei Privatleit. Dës Haisercher sinn net nëmme fir Sangvillercher geduecht, mee och fir Eilen oder Fliedermais.



**Méi Info op:**

# NATUR & ËMWELT



D’Aarbecht mat de Villercher hält awer net mat den Haisercher op. An deene méi kale Wanterperioden hëllefen d’Memberen, dass d’Villercher eppes z’iessen hunn. Bei der Vullebestandsopnam vun der ornithologescher Zentral vun „Natur&Ëmwelt“bedeelege sech lokal Feldornithologe vun der Sektioun.
Wat d’Fauna ugeet, sou péckt déi lokal Sektioun och gäre bei Bam- oder Heckplanzaktiounen eng Hand mat un. Donieft huet se sech och ëm den Entretien vu Kappweiden gekëmmert, dëse ganz spezielle Beem, deenen hier Morphologie vum Mënsch verännert gouf an déi et de Villercher besonnesch ugedoen hunn. An der Tëschenzäit ginn dës manuell Aarbechten regelméisseg vum interkommunalen Syndicat fir d’Konservatioun vun der Natur (Sicona) duerchgefouert.





## Gidd Member bei “natur&ëmwelt”

**natur&ëmwelt (national)**
Valérie Klein
Tél.: 29 04 04 329
v.klein@naturemwelt.lu

**natur&ëmwelt Gemeng Suessem**
Jean-Marie Haas
jm.haas@pt.lu

# JUGENDTREFF SABA



E Jugendhaus ass speziell fir dech an deng Frënn geduecht, wou s du kanns Zäit verbréngen, Spaass hunn, nei Saache léieren an aner Leit am selwechten Alter treffen. En "Jugendtreff" bitt eng gemittlech Atmosphär, verschidden Aktivitéiten, Projeten an Ënnerstëtzung fir jonk Leit tëscht 12 a 26 Joer.

De "Jugendtreff Saba Suessem" (Zolwer a Suessem), ass eng vun dëse Plazen, wou s du kanns komme fir un Atelieren, Evenementer deelzehuelen, Spiller ze spillen, ze diskutéieren oder och Berodung ze kréie wann s du de Besoin hues. Et ass e Gebai wou s du fräi bass ze maache wat s du wëlls (mat gewësse Reegelen), awer och nei Passiounen entdecke kanns!

D'Erzéier an Erzéierinnen hunn déi wichteg Roll fir dech ze stäerken, der no ze lauschteren an dech ze begleeden - egal ob et ëm d'Schoul, Studien, däi soziaalt Liewen oder deng perséinlech Projete geet - an dat alles an engem sécheren an hëllefräichen Ëmfeld.

Mer hunn och e Service „Opsichend Jugendaarbecht“. E Jugendaarbechter geet an der ganzer Gemeng Suessem op Jonker duer, fir hinnen en oppent Ouer ze schenken a si ze ënnerstëtzen, wa si Berodung oder Hëllef brauchen. Jee no Besoin oder Demande gi si un aner Strukturen oder Servicer weider geleet.

Une Maison des Jeunes est un endroit spécialement conçu pour toi et tes amis, où tu peux passer du temps, t'amuser, apprendre et rencontrer d’autres jeunes de ton âge. Un "Jugendtreff" propose une ambiance conviviale, des activités variées, des projets et un accompagnement pour les jeunes entre 12 et 26 ans.

Le "Jugendtreff Saba Suessem" (Soleuvre et Sanem) est un de ces lieux où tu peux venir pour participer à des ateliers, des événements, jouer à des jeux, discuter, ou même obtenir des conseils si tu en as besoin. C’est un espace où tu es libre de faire ce que tu aimes (sous condition de règles), mais aussi de découvrir de nouvelles passions !

Les éducateurs et éducatrices ont le rôle important de te soutenir, t’écouter et t’accompagner, que ce soit pour tes études, ta vie sociale ou des projets personnels et ceci dans un cadre sécurisé et bienveillant.

Nous avons également un service de jeunesse de rue, „Opsichend Jugendaarbecht“, dont un travailleur social va à l’encontre des jeunes dans toute la commune de Sanem, afin de leur proposer une écoute active, de les soutenir dont leur besoin et ainsi les accompagner dans leurs démarches. De plus, selon leurs besoins ou demandes, le travailleur social les oriente vers d'autres structures ou services.

SABASANEM




TikTok



# JUGENDTREFF SABA

## Ëffnungszäiten/ horaires:

### Jugendhaus Zolwer/ maison des jeunes de Soleuvre:

| | |
|---|---|
| Dënschdes bis Donneschdes/ Mardi à jeudi: | 14:00-19:00 |
| Freides/ Vendredi : | 14:00-21:00 |
| Samschdes/ Samedi: | 13:00-19:00 |

### Jugendhaus Suessem/ maison des jeunes de Sanem:

| | |
|---|---|
| Dënschdes bis Freides/ Mardi à vendredi: | 14:00-19:00 |







## Jugendtreff Saba Suessem

**Kontakt**
*Tel: 59 34 07*
*GSM Aktivitéiten: 691 763 604*
*GSM animastaff: 661 847 179*

***Adresse***
*75, rue de Belvaux*
*L-4418 Soleuvre*
*saba@pt.lu*

*E-Mail: jugendsuessem@saba.lu*
*Homepage: www.saba.lu*

## Annexe Sanem

39, rue de Niederkorn
L-4990 Sanem
*Tel: 26 59 08 19*

# MODEL HOBBY CLUB DU SUD




## Model Hobby Club du Sud




# SPORT CLIMBING ZOLWER

Mir sinn de Sport Climbing Zolwer an klammen meeschtens am Red Rock Climbing Center zu Zolwer.
Mir sinn awer en eegestännege Klub deen näicht direkt mat der Hal ze dinn huet.
Eis gëtt et säit 2019 an mir ënnerstëtze jiddereen dobäi, op Jonk oder Al, fir sech duerch Klammen fit ze halen.



Wat maache mir?
Mir klammen am Seel oder boulderen. Boulderen ass eng Disziplin wou een bis an eng Héicht vu 4 Meter klëmmt an eng deck Matratz ënnert sech huet falls ee fällt. D'Klammen am Seel maache mir suwuel an der Hal ewéi och am Fiels.
Mir hun en Training fir Ufänger am Lycee Bel-Val an maachen als Club vill Aktiviteiten an Sortien an aner Halen oder raus an de Fiels.



Kommt roueg eng kéier bei eis laanscht oder schreiwt eis fir méi Informatiounen op de comite@sczolwer.lu"



# SPORT CLIMBING ZOLWER

Wat? Klammen am Seel

wéini? Mëttwochs vun 17:00-18:30

Wou? Lycee Bel-Val (100 avenue du Blues, L-4368 Belvaux)

Fir wien? Fir jiddereen - op Jonk oder Al - dee mam klammen wëll ufänken








## Sport Climbing Zolwer

**Kontakt**

Sport Climbing Zolwer
Comite@sczolwer.lu

**Facebook an Instagram**

Sport Climbing Zolwer“

# Minettsfrënn 2025

**Guiden a Scouten Grand-Duc Jean Bieles-Zolwer**
**Cercle Athlétique Belvaux**
**Sporting Club Belvaux**
**Feldmais Éilereng**
**Bieleser Musek**
**Harmonie Éilereng**
**Zolwer Musek**
**Suessemer Harmonie**
**Dëschtennis Zolwerknapp**
**Culture Club 2000 Suessem**
**Cercle Bouliste et Culturel Belvaux Metzerlach**
**Photo Club Gemeng Suessem**
**Amis de la Fleur**
**TC Belvaux**
**BBC Zolwer**
**Handball Bieles**
**Hot Daddies Suessem**
**FC Éilereng**
**FC The Belval**
**CS Sanem**
**Natur an Emwelt Gemeng Suessem**
**Jugendtreff SABA**
**Model Hobby Club du Sud**
**Sport Climbing Zolwer**
**CGDIS**